N° 6822
Entrée le 12.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Léierpersonal am Lycée hält normalerweis 21 Schoulstonnen an eng Stonn Act 72, déi weider Tâche setzt sech aus de Vir- an Nobereedung vum Cour zesummen. Am Fall vun Iwwerstonne kréien déi Betraffen d'Zäit an der Klass awer keng zousätzlech Zäit fir déi ergänzend Aarbechten ugerechent.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass an op un eng eventuell Gesetzesännerung geduecht ass?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6822 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

D'Fro vum honorabelen Deputéierte bezitt sech op d'Tâche vun den Enseignanten, déi am Artikel 2 vum *Règlement grand-ducal modifié du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques* festgeluecht ass: *« La tâche (…) correspond à vingt et une leçons d'enseignement hebdomadaires, ainsi qu'à l'équivalent d'une leçon de disponibilité, soit soixante-douze heures vérifiables à assurer au cours de l'année scolaire et selon les besoins de l'organisation du lycée. »* .

Dës sougenannten Disponibilitéit ëmfaasst d'Participatioun u Reuniounen a pedagogesche Concertatiounen esouwéi den Dialog mat de Schoulpartner ausserhalb vun de Schoulzäiten; si ass bei enger voller Tâche op eng Leçon fixéiert ginn. Am Fall vun Deelzäitaarbecht ass se wuel proratiséiert; dës Proratiséierung ass awer bei der Prestatioun vun Iwwerstonnen am uewe genannte Reglement net virgesinn an och nëmme schwéier virstellbar, engersäits well de Volume vun de geleeschten Iwwerstonnen sech am Laf vun engem Schouljoer kann änneren, anersäits well Iwwerstonnen net zwangsleefeg duerch méi Unterrechtsstonnen entstinn, mee eventuell duerch aner Prestatiounen.

Lëtzebuerg, de 6. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH